N°68
Entrée le 27.12.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet an der Madamm Ministesch fir Verdeedegung op d'parlamentaresch Fro n° 68 vum 29. November 2023 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Alexandra Schoos.**

Et ass korrekt, dass d'Europäesch Medikamenten Agence (EMA) hire positiven Avis fir d'Zouloossung vun de Covid-19 Impfstoffer ëmmer op de Schutz vun der geimpfter Persoun baséiert. E Medikament (an deemno och e Vaccin) gëtt primär dorop évaluéiert wat fir e Benefice et fir d'Persoun selwer bréngt. Dëst schléisst awer op kee Fall aus, dass et doriwwer eraus ee weidere Benefice fir d'Bevëlkerung gëtt (de sougenannten epidemiologesche Schutz).

Et ass falsch ze behaapten, dass dësen epidemiologesche Schutz net nogewise ginn ass. Et gi mëttlerweil eng ganz Rei vu wëssenschaftlechen Etüden[i] déi kloer beweisen dass et dëse Schutz gëtt, an et besteet keen Zweifel drun, dass dëst och zur Kontroll vun der Pandemie bäigedroen huet.

Et ass och initial erwaart ginn, dass dësen Effekt länger géif unhalen. Dëst ass awer leider net de Fall: mir wëssen haut, dass och wann den individuelle Schutz géint schwéier Krankheetsverleef an Doud länger unhält, an nëmme lues iwwert d'Zäit noléisst, dëst net de Fall ass fir de Schutz géint d'Infektioun an domat de Risk de Virus weider z'iwwerdroen, déi béid relativ schnell zréck ginn[ii]. Well mir dëse Fakt mam Wësse vun haut verstinn, mécht et och elo, besonnesch an der Situatioun vun enger wéineg pathogener Virusvariant, kee Sënn méi systematesch déi ganz Populatioun ze impfen, mee et gëtt weider recommandéiert vulnerabel an eeler Leit ze impfen, déi jo een héije Risk fir Komplikatioune vum Covid-19 hunn. Leschten Informatiounen no, gesäit et awer esou aus wéi wann d'Impfung och de Risiko vu Long-Covid géif erofsetzen.

Wat eng zukünfteg Informatiounspolitik bei enger nächster Gesondheetskris betrëfft, huet een aus der Covid-Pandemie geléiert, dass d'Wëssen ëm eng nei Krankheet sech progressiv iwwert d'Zäit opbaut, an dass d'Informatiounen déi un d'Populatioun iwwermëttelt ginn, nëmmen déi kënne sinn déi zu engem bestëmmten Zäitpunkt disponibel sinn. Réckbléckend weess een natierlech ëmmer méi, mee zum Zäitpunkt wou déi generell Impfcampagne lancéiert gouf hat Lëtzebuerg et nach mat méi pathogene Virusvarianten ze dinn, an et gouf déi berechtegt Erwaardung, dass d'Impfung, nieft dem direkten Effekt fir déi individuell Persounen, och e längeren Effekt op d'Iwwerdroung kéint hunn. An deem Sënn kann een net soen, dass wärend der Pandemie net transparent kommunizéiert gi wier, oder wëssenschaftlech Quellen – déi deemools disponibel waren – net gepréift gi wieren.

Wat d'Evaluatioun vu wëssenschaftleche Quelle betrëfft huet d'Regierung an den ëffentlechen Administratiounen eng Rei Leit mat der néideger Kompetenz fir esou Publikatioune kritesch ze hannerfroen a kann och – wéi dëst wärend der Covid-Kris regelméisseg geschitt ass – op d'Kompetenze vun der Uni Lëtzebuerg, dem Laboratoire national de santé, an den ëffentlechen Fuerschungszentren (LIH, LIST, LISER) zeréckgräifen.

Wärend der Impfcampagne gouf och kee psychologeschen Drock op d'Mënsche gemaach, mee nëmmen déi Informatioune kommunizéiert, déi zu deem Zäitpunkt disponibel waren.

Wat d'Froen iwwert d'Niewewierkunge vun der Impfung an d'Indemnitéiten, an déi betreffend Prozeduren betrëfft, verweisen ech d'honorabel Deputéiert op déi ganz detailléiert Äntwerten vun der deemoleger Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Froen Nummer 7844 (30. Määerz 2023) an 8046 (31. Mee 2023) vun den Häre Jeff Engelen a Fernand Kartheiser. Et ginn zu dëse Punkte keng nei Elementer.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Betreffend der Fro vun der Covid-Impfflicht bei der Arméi ass et esou dat d'Arméi weiderhin eng Impfflicht géint Covid-19 an hiren Opnamebedéngunge fir zum Militärdéngscht zougelooss ze ginn huet. Dës Impfflicht huet sech bewäert, well d'Arméi esou Infektiounsketten ënnerbannen a schwéier Krankheetsverleef verhënnere konnt. Effektiv gouf et keng schwéier Krankheetsverleef opgrond vun Covid-19 beim militäresche Personal an d'Arméi war esou no der Aféierung vun der Impfflicht mat kengen operationelle Beanträchtegunge konfrontéiert.

D'Impfflicht bleift weiderhin aktuell am Kontext vun der Bedeelegung vun der Lëtzebuerger Arméi un internationale Missiounen am Ausland, wou d'Partnerarméien, notamment d'Belsch, Däitschland a Frankräich, an déi d'lëtzebuergesch Detachementer integréiert sinn, weiderhin eng Impfflicht hunn. En fonction vun der Aschätzung vun der sanitärer Lag an de Missiounsgebidder an der Praxis vun de Partnerarméien, kann d'Impfflicht zu all Moment nei évaluéiert ginn.

Lëtzebuerg, den 27. Dezember 2023

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet
(s.) Martine DEPREZ

[i] E puer Referenzen als Beispiller: 1. Effect of vaccination on household transmission of SARS-CoV-2 in England. RJ Harris et al. N Engl J Med 2021;385(8):759-760. 2. Effect of vaccination on transmission of SARS-CoV-2. ASV Shah et al. N Engl J Med 2021;385:;1718-20. 3. The indirect effect of an RNA-based COVID-19 vaccination of healthcare workers' unvaccinated household members. J. Salo et al. Nature Communications 2022, 13, 1162. 4. Effect of vaccination on household transmission of SARS-CoV-2 Delta variant of concern. FP Lyngse et al. Nature Communications 2022, 13, 3764.

[ii] Och hei zwou Referenzen, als Beispill vu villen: 1. Duration of effectiveness of vaccines against SARS-CoV-2 infection and Covid-19 disease: results of a systematic review and meta-regression. DR Feikin et al. Lancet 2022;399(10328):924-44. 2. Association between Covid-19 vaccination status, time elapsed since last vaccine dose, morbidity, and absenteeism among health care personnel: a prospective, multicenter study. HC Maltezou et al. Vaccine 2022;40(52):7660-66.